# AALTheMA 56

mai 2019

BULLETIN D'INFORMATION DU COMITÉ DE L'ASSOCIATION DES ANCIEN(NE)S ET AMI(E)S DU LTMA a.s.b.l.


# En mai 1966...

**RGD du 27 mai 1966** (Mém. n°29 du 16 juin 1966, p.517)

Création d'un Collège d'enseignement moyen à Pétange
**Règlement grand-ducal du 27 mai 1966 concernant la création d'un Collège d'enseignement moyen à Pétange.**

**Règlement grand-ducal du 27 mai 1966 portant création d'un Collège d'enseignement moyen à Pétange.**

*Nous JEAN, par la grâce de Dieu, Grand-Duc de Luxembourg, Duc de Nassau, etc., etc., etc. ;*

♦ Vu la loi du 16 août 1965 portant création de l'enseignement moyen, notamment l'article 26 ;

*Notre Conseil d'Etat entendu ;*
*Sur le rapport de Notre Ministre de l'Education Nationale et des Affaires Culturelles & après délibération du Gouvernement en conseil ;*

***Arrêtons :***

**Art 1er.**

**Il est créé à Pétange un Collège d'enseignement moyen.**

**Art. 2.**

Notre Ministre de l'Education Nationale et des Maires Culturelles est chargé de l'exécution du présent règlement, qui sera publié au Mémorial.

**Palais de Luxembourg, le 27 mai 1966.**

Jean



*Le Ministre de l'Education Nationale et des Affaires Culturelles,*

Pierre Grégoire

**cf. articles (pp. 12-14)**

# Interna (1)

## Réunion du Comité du 28 mars 2019

- ***« LTMA - Mon Lycée » :*** *Le numéro 55 de notre bulletin de liaison contiendra des contributions de Jean Portante et Fari Khabirpour.*
  *Nous attendons encore pour les numéros suivants les témoignages de Vally Berdi, Carlo Lecuit, Aly Bernard et Claude Meisch.*
  *L'action sera clôturée peu avant les vacances d'été.*
  *Notre but est de publier toutes les contributions dans une* **brochure***. Un spécialiste de la mise en page nous a proposé 2 layouts différents : une mise en page pour la version PDF et une autre pour la version numérique, avec un format « feuilletable ».*
  *Nous informerons les membres intéressés que leur exemplaire sera imprimé sur demande après les vacances d'été.*
- ***« 80er Konveniat / Coming together » :*** *Grâce à un article du* Luxemburger Wort *(cf. édition du 13 mars 2019, page 34) qui cite l'échevin Jean-Marie Halsdorf, nous avons appris qu'une tente accueillant une exposition sera érigée sur le site de l'ancien LTMA à l'occasion des festivités du 70e anniversaire de la libération de Pétange.*
  *Il nous faudra prendre contact avec les responsables afin de demander l'autorisation d'utiliser cette tente pour notre fête après la fin de l'exposition.*
  *Patrick Kass nous a également informés que le groupe FB des « Péitenger Frënn vum LTMA » (dénomination exacte à voir) a l'intention d'organiser un dernier grand repas entre classes (« Lescht Klassentreffen ») sur le modèle de notre « Lescht Foto op der Traap ».*
  *Patrick les verra le 12 avril et demandera de plus amples informations à ce sujet.*
- *En ce qui concerne une* ***2e excursion/visite pour 2019****, nous essayerons de fixer notre choix au cours de la prochaine réunion. Des destinations possibles sont une excursion à Kastel-Staadt près de la Sarre, une visite de l'aéroport (LuxAirport), une visite du moulin de Rodange, ainsi qu'une visite du SIACH (Station d'épuration de Pétange). Il faudra bien qu'on se décide enfin ☺ .*

**La prochaine réunion du comité aura lieu MERCREDI, le 24 avril 2019**

# Membres 2019 de l'AAltma a.s.b.l.

## Nouveaux membres au 29.4.2019

*les noms des membres 1-164 se trouvent dans le(s) numéro(s) précédent(s)*

165. BERNARD Michel
166. DELLA MODESTA Marcelline
167. POULOT Monique
168. ROBINET Christian

# LTMA - meng Schoul



Aly Bernard (2015)

Meng éischt Erënnerungen un d'Mëttelschoul vu Péiteng ginn zeréck bis a meng eege Lycéeszäit. Do ware Schoulkomeroden, déi als éischt op déi nei Schoul gewiesselt an och do als éischt hiren Ofschloss gemaach haten. A main deemolegen Däitschproff vun Esch huet op deeër Schoul och Däitsch enseignéiert an ass dann och do Direkter ginn.



Um Départ vum Marcel Muller (14. Juli 1977) têschent dem Robert Dondelinger, dem Gaby Kiersch, dem Denise Gillen an dem Eugène Becker

An der Halschent vu mengem Geschichts- a Geosstudium hate vill Studenten d'Flemm vun eisen deemolege Politiker agedriwwe kritt. Iwwerall wor Rieds vun enger "pléthore" am Enseignement, et gëif zevill Proffen am Secondaire ginn, mär kréiche ni eng Plaz. Dat ass esou wäit gaangen, dass ech meng Studentebud gekënnegt hunn an ech mech zu Walfer wollt aschreiwe fir Schoulmeeschter ze ginn. Do sot mäi Schwoer, ech sollt mol mam Cornel Meder schwätzen, dee kéint mär bestëmmt e Rot ginn. An esou ass et komm:


Ech hu mäi Studium an engem neie Studentenzëmmer weidergefouert a hu mech 2 Joer drop an de Stage gemellt. Wat eng Freed, ech koum op Péiteng! Do sinn ech vun allen häerzlech a kollegial opgeholl ginn. Et waren ënnert de Proffen och nach anerer, déi ech selwer - wéi den Här Meder - zu Esch am Lycée hat. D'Ambiance an der Konferenz konnt net besser sinn. Déi lescht Woch vu mengem éischte Joer Schoulhalen ass mat 5 immens flotten Evenementer op en Enn gaangen: Fête sportive am Stade Nangeroni an owes Jonggesellenabschid vun 3 Kollegen, Journée culturelle, Fête d'adieu fir den directeur-adjoint Marcel Muller, Fête de clôture an Ausfluch mat Rallye. D'Péitenger Rallye sinn eng Geschicht fir sech a sinn och an déiselwecht agaangen.



Um Départ vum Cornel Meder (19. November 1987) mam Jeannot Scheer

D'Klasse waren och ganz interessant. Déi eng méi schwiereg, déi aner méi brav. Et war ee jo als jonke Stagiaire oft net vill méi al wéi esou muench Schüler, deen och nach vläicht déi eng oder aner Éiereronn gedréint hat. D'Schoulhalen huet mär jiddefalls gefall, och wann ech mär mat de Joeren ëmmer manner als Wëssensvermëttler mee méi als Sozialaarbechter virkomm sinn. Mee déi Stëmmung an deeër Schoul war

eenzegaarteg. Mol ass et héich hiergaangen, mol ware méi roueg Zäiten, mee et war ëmmer eppes lass, et war ni langweileg. Ervirzehiewen ass och déi gutt Relatioun vun deene meeschten Enseignanten mam Secretariat a mam Personnel technique, wat op villen anere Plazen net onbedingt de Fall war. Wat hu se a verschiddene Gebäier gestaunt, wéi mär als Proff oder Regent(e) vun hinne gehollef kritt hunn, an deem Moment, wou den LTMA mat als éischt déi elektronesch Matricule an Zensur agefouert huet.



MultiKulti-Schoulfest (11. Juli 1992)

Den LTMA hat net dee beschte Ruff am Land.
Dat koum mär séier zu Oueren, wéi ech am Kader vum Stage als 2. Gebäi an de Kolléisch komm sinn. Ech gouf do regelrecht bedauert, dass ech hu missten zu Péiteng Schoul halen.
Et war och e bëssen eng aner Welt fir een, deen aus dem Péitenger Kolléisch koum. Et ass do e separate Raum fir d'Stagiäre ginn, de sougenannte "Ställchen". D'ganz Schoul ass geschlossen an d'Oktave gepilgert. Ee vu menge Schüler war e Member aus der Groussherzoglecher Famill.



Profferallye (13. Juli 1991)
tëschent dem John Weber, Gen Leick, Romain Baldelli, Edgar Muller, Jeanne Homa a Mady Weber

Ofschätzeg Bemierkungen engersäits an awer och Bewonnerung an Erstaunen anerersäits hunn ech erfuer an deene sëlleche Programmkommissiounen, an deenen ech quasi vun Ufank vu menger Carrière u Member war. Als Vertrieder vu Péiteng (grad esou wéi dee vun Diddeleng) war een eng gelunge Spezies. Heiansdo huet ee misse kämpfe fir gläichberechtegt kënne mat ofzestëmmen, well mär jo net all Klassen haten. Bei de Resultater vu gebäiinternen Ofstëmmungen, déi an der Programmkommissioun mol um ordre du jour stungen, goufen et ëmmer nees Bemierkungen, dass do jo Leit mat ofgestëmmt hätten, déi aus dem Préparatoire kéimen an och nach Fächer ewéi Geschicht a Geo dierfte ginn. An dann ass een awer och bewonnert gi fir dat, wat zu Péiteng op schouleschem, para-schouleschem a kulturellem Plang gelaf ass, a besonnesch dofir, dass eis Direktiounen ëmmer dohanner stungen. Och an deeër Zäit, wou et am LTMA Concertatioune vu Fächer gi sinn, koume méi oft froend, skeptesch an esouguer béis Blécker vu Kolleginnen a Kollegen aus anere Gebäier aus dem Land. Dat kéint jo eventuell géint d'Programmrichtlinie verstoussen.



Proffen-Treppeltour (1992)
mam Elvire Bauer-Wilhemus an dem Romain Linden

Nom bestanene prakteschen Examen hunn ech nach 1 Joer waarde misse fir definitv nominéiert ze ginn. Aner Kollegen hunn dat misse 4 oder 5 Joer maachen. Et war nach ëmmer d'Zäit vun der Pléthore. Et war ee gespaant, wouhin ee ging nominéiert ginn. D'Preferenzlëscht, déi een ausfëlle konnt, war nach laang keng Garantie, dass een och dohinner kéim, wou een am léifsten wéilt.

Fir mech war kloer: net an d´Stad (bei déi "besser" Leit), net op Woltz (dat luch deemols ouni Nordstrooss nach aus der Welt), net op Esch (do wollt ech net onbedéngt verschidde vu menge fréiere Proffen erëmgesinn, déi och an

den 80er Joeren ganz vill géint den LTMA gestänkert hu wéinst der Aféierung vun ieweschte Lycéesklassen zu Péiteng).
D’Resultat sinn ech gewuer ginn wéi ech aus enger Telefonskabinn (Handy gouf et nach net) vun Delphi aus doheem ugeruff hunn. “Du kënns op Péiteng!”, war d’Äntwert.
Ech war dee Moment esou frou an all déi nächst Joeren esou zefridden a gären do - a si bis zu menger Pensioun bliwwen.

**Aly BERNARD**
8. April 2019


Proffenausfluch (1980 oder 1981)
mam Myriam Rehlinger, dem René Schmitz an dem Fritz Eifes


Schoulfest (13. Juli 1984)
mam Jim Thiltges


Profferallye (2001)
mam Romain Baldelli, Guy Dhur, Edgar Muller a Paul Geimer


Schoulfest (12. Juli 1985)
mat senger Fra Jeanne Homa an hieren Kanner Anne-Marie a Michel … (haut Geschichtsprof am LTMA ☺ )

mon lycée Lycée Technique Mathias Adam (2)

# E puer Memoiren vun engem Mëttel-(méissege) Schüler vu 1967-1972 aus dem CEMP… (spéider LTMA)


Carlo Lecuit (am Cockpit)

…..scho bal 50 Joer laang hier, dat mécht et net méi liicht fir sech u Villes genee ze erënneren. Et gëtt awer net wéineg Anekdoten a schéin Amenter déi ee net vergësst, an un déi ee sech gären erënnert. Awer sécher vill ze vill fir se all hei op ze zielen an ze beschreiwen. E puer vu mengen Erënnerunge ginn ech awer hei gäre zum Beschten.

Ech erënnere mech un eisen éischten Direkter, nach an der aler Gendarmerie, den Här Junker, e ganz léiwe Mënsch. Hie gouf no Péiteng Direkter an der neier Ettelbrécker Mëttelschoul, wou ech hien spéider och nach e puermol besicht hunn. Ech gesinn eis Klassesäll mat den hëlze Biedem, Si ware virdrun nach Büroe oder Wunnzëmmer vun de Gendaarmen. Gehëtzt goufen se mat Mazout's Iewen. De Pausenhaff war gefillten 30m$^2$ grouss, awer dofir no bei der Bäckerei Reiser, a bal vis à vis vum Haus vun eisem Professer Paul Olinger, dem « Zack », deen ëmmer alles am « Pappebléck » hat.



Mer waren kleng Klassen awer eng grouss Famill. D'Schüler hunn sech nach all mam Numm kannt. Fir ze Turnen si mer an déi Péitenger Primärschoul oder op de Fussball's Terrain gepilgert. Eng Kantin an e Festsall goufen et net.

D'Gendarmerie war séier ze kleng an e neit, méi grousst, Gebai gouf gebaut. Aus engem Skelett aus Stol ass no a no eng Zort grousse Container entstane.







Iergendwéi hunn ech d'Gendarmerie mat hirem Charme vermësst, wéi mer an dat neit, kaalt rechtwénkelegt, Gebai geplënnert sinn. Herno ware mer awer houfreg op eis nei Schoul, op de

Pavillon an op dee grousse Schoulhaff, déi awer leider vill ze wäit ewech vun all Bäckerei waren.



Eis Schoul ass du séier gewuess an et huet ee net méi all Schüler mam Numm kannt. De “Kluef“ fëmme war bei de Studente “in“ an esou konnt een deen Een oder Anere am Haff gesinn d’Päif dämpen.





De Cornel Meder gouf eise neien Direkter an de « Flipper » Alesch, Portier. Et gouf jo elo eng offiziell Portier’s Loge! An do ass keen ongestrooft laanscht gaangen deen ze spéit an d’Schoul komm ass.
***“Ech** an der Här Direkter, mär hunn decidéiert, dass….“* mat deene Wierder ass seng Priedegt dann ëmmer ugaangen, an du hues dech missen am Sekretariat mellen.
De Flipper war och zoustänneg fir, déi deemools nach séier begierte, Fotokopien. Deen Hightech Miwwel war schliisslech bei him “logéiert“. Wann den Här Alesch och dacks den Haarde markéiert huet, hat hien awer e mëlle Kär a wann een en unzepake wousst huet een Alles vun him kritt. En ass Döschewo gefuer, an dat huet en och sympathesch gemaach *(op enger Foto vu virdrun kann ee se gesinn)*.



Hei den Här Alesch op der Trap viru “senger“ Dir.



Ech selwer mat e puer Matschüler op eiser,
deemools nach net fäerdeger, Trap.
(vu rnl : Robert Ciatti, Clemy Urbé, ???, Josyane Verdun, ???,
Patrick Jung, ???, Carlo Lecuit, )

Ënnert dem Direkter Cornel Meder gouf och de Schülercomité an d’Liewe geruff. Den éischte President, esouwäit ech mech erënnere, war de Gérard Breuer vu Bieles. Op dee Posten sinn ech nom Gérard gewielt ginn.
Iwwregens huet de Cornel Meder mech 1972 zum “Éierepresident op Liewenszäit“ ernannt, dat misst nach an enger Editioun, vun eiser deemoleger, Schülerzeitung erëm ze fanne sinn. Ech war dorop net onhoufreg !

1970 hate mer am Schülercomité d’Iddi fir e Schoulfest mat Sketcher, Virträg, divers Optrëtter an Disco ze organiséieren. Mer hunn dem Direkter Meder eis Iddi virgestallt a…mer krute säi “Seegen“ ënnert der Bedingung, dass mer eis ëm Alles selwer bekëmmere missten.

Ugefaange bei der Autorisatioun vum Buergermeeschter bis bei d'Reservatioun vun engem Sall asw.

De Proprietär vum Café “Turco“ an der rue Gillardin, vis à vis vum deemolege Kino, huet eis säi Sall mat der Bühn gratis zur Verfügung gestallt. Vum Buergermeeschter hu mer d'Autorisatioun kritt fir eist Schoulfest ofzehalen. Et war, menges Wëssens no, dat éischt, offiziellt a vun engem Lycée zu Lëtzebuerg, organiséiert Schoulfest.



**PETANGE**

**Fête des élèves de l'école moyenne**

Samedi, les élèves de l'école Moyenne de Pétange avaient organisé une grande fête à la salle Turco.

Parmi les invités d'honneur on remarquait la présence de MM. Kirsch, bourgmestre ; Gaspar, échevin ainsi que du directeur et des membres du personnel enseignant. Signalons que le programme des jeunes animateurs avait été fort judicieusement choisi. Ballets, danses, jeux et divertissements, alternèrent sans fausse note et recueillirent de nombreux applaudissements mérités.

Dat éischt Schoulfest vun der Péitenger Mëttelschoul, dat éischt iwwerhaapt zu Lëtzebuerg. 18.04.1970

Et goufen och e Sportsfest an eng Ausstellung organiséiert, wat den Direkter Cornel Meder a sengem Virwuert an der Invitatioun fir den Theaterowend 1972 esou beschreift :

***“All Joer äppes Neits, könnt ä bal soen ! Schoulfest, Sportsfest, Ausstellung – an elo Theater… Loossen mer hoffen, datt et alt erëm gutt gät ! “***

Um Programm 1972 stounge dräi Kuerzstécker:

| ***Mir si Stodenten*** | vum Norbert Weber |
|---|---|
| *Et hu matgespillt :* | |
| *Edmond Weimerskirch* | *Professer* |
| *Dominique Libert* | *seng Fra* |
| *Fernand Faber* | *Student* |
| *Janine Diderich* | *Studentin* |

| ***Den Inventär*** | vum Cornel Meder |
|---|---|
| *Et hu matgespillt :* | |
| *Carlo Lecuit* | *Schouldirekter* |
| *Danièle Saeul* | *seng Sekretärin* |

| ***Eisen*** | vum Bert Brecht<br>iwwersat vum Cornel Meder |
|---|---|
| *Et hu matgespillt :* | |
| *Romain Grethen* | *en Eisenhändler* |
| *Marc Schreiner* | *e Client* |
| *René Fisch* | *en Tubakshändler* |
| *Germaine Miller* | *eng Schunghändlerin* |
| *Maurice Thoma* | *Här Britt* |
| *Liliane Nilles* | *Madame Gail* |

An de Pause goufen et Musek a Gesank ënnert der Leedung vum Josy Asselborn, eisem Museksproff.

1972 war och mäi lescht Joer zu Péiteng. Ech si wierklech gäre an eis Schoul gaange, well, wéi schonn Ufanks gesot, mer eng grouss Famill waren. Ech hu bis haut nach Kontakt mat Schoulkomerode vun deemools. Etlech vun hinne si bis haut léif Frëndinne a Frënn bliwwen.

Och un eis Proffen hunn ech esou etlech gutt a lëschteg Erënnerunge, zB un de strengen Här Müller, de laangen Här Wilmes, den Gentleman Beffort, d'Schwëstere Kohll a Weis, de “geckege“ Chimiesproff Schausten, bei deem etlech Experimenter grëndlech schif gaange sinn…..an eiser Aller “Papp“ den Zack, de Paul Olinger, deen ëmmer en oppent Ouer fir seng Schüler hat.

Hei e puer fotografesch Erënnerunge un eist Sportsfest:



















Wee kennt déi hei nach ?



D'Proffenequipe



Eis Schwëstere Weis a Kohll an der Kees beim Sportsfest.

Wann een dann esou am gaangen ass ze schreiwen kommen ëmmer méi Biller an Erënnerungen: lëschteg a manner lëschteg Situatioune, Ausflich mat der Klass op de Stau, déi eng oder aner Priedegt vun de Proffen, schlecht a gutt Prüfungen an Zensuren, déi éischt grouss Léift, an, an, an, …… alles zesumme géif bestëmmt Bicher fëllen.

Fir dësen, ganz kuerzen, Ausfluch an d'Vergaangenheet ofzeschléissen wëll ech awer nach soen, dass d'60 a 70er en zolitte Grondsteen fir e super Lycée zu Péiteng geluecht hunn, an ech sinn houfreg, mat ee vun deene éischte gewiescht ze sinn, déi deemools, hire klenge, bescheidene Deel dozou bäigedroen hunn.

Nach bis haut sinn a bleiwen ech e Fan vum LTMA alias CEMP.

**CARLO LECUIT**
10.4.2019

an hei nach e puer Fotoen aus den Archiven vun der *AALTMA asbl* :




… oder den 2. (wéi de Carlo am Artikel schreift ☺ …)



1970 wärend der Russland-Rees mam Cornel Meder



Op der Journée des Anciens (13.3.1992)



Bei der leschter Foto op der Trap (14.1.2014)



Op der AG vun der AALTMA asbl (6.2.2015)

# La Loi de 1965 sur l'Enseignement Moyen et le Collège de Pétange



Construction du Pavillon du futur LTMA en 1968

Les années soixante, insérées entre l'apparition de la culture rock et les jets de pierres du Quartier Latin, furent définitivement celles de la jeunesse.

L'Europe, forte de sa démographie „galopante" de l'après-guerre, dut se consacrer, après la reconstruction matérielle, à cette masse de jeunes qui commençaient à peupler les écoles primaires.

Il en fut de même au Luxembourg.

Du point de vue scolaire et notamment post-primaire, la situation grand-ducale était extrêmement hétéroclite et surtout obsolète. Aucune des nombreuses initiatives entre la Loi scolaire de 1912 et la fin de la guerre n'avait réellement abouti.

Au début des années soixante, l'enseignement secondaire était encore dominé par l'importance des lycées traditionnels qui deviendront par la suite classiques.

Certes, l'offre scolaire fut enrichie après la guerre par la création des écoles professionnelles et de l'école technique.

Mais ces centres étaient exclusivement destinés à la préparation aux métiers artisanaux et techniques.

La troisième voie qui avait accueilli naguère un grand nombre d'élèves sortis du primaire était l'École Primaire Supérieure.

Or, cette vénérable institution, presque centenaire à l'époque déjà, se présentait quelque peu désuète.

En effet, depuis que les futurs instituteurs et les candidats à l'administration publique devaient faire des études plus poussées dans les lycées, l'EPS fut partiellement vidée de sa substance et privée de sa raison d'être.

La désaffection des élèves n'en fut qu'une conséquence logique, et l'EPS ne fit plus que végéter.

A l'instar des autres pays européens, l'idée d'une réorganisation de l'enseignement se fit de plus en plus pressante.

En 1962/63 une première étape fut franchie par la réforme de l'école primaire. Peu après, le projet de la loi sur l'enseignement moyen fut introduit à la Chambre.

Accepté au début avec bienveillance et avec intérêt par les députés, le projet eut le souci de démocratiser l'enseignement dans une société devenue, elle aussi, plus démocratique, et d'ouvrir les écoles aux enfants des milieux sociaux plus modestes souvent écartés du savoir et de la culture. En plus, l'augmentation de l'obligation scolaire de 6 à 9 années gonfla considérablement le nombre des élèves.

Les structures scolaires existantes n'étaient pas prêtes et surtout n'étaient pas appropriées pour accueillir ces jeunes entre 12 et 15 ans.

Ni le IV$^{ième}$ degré (le futur complémentaire) ni les lycées, voués à la préparation aux études universitaires ne pouvaient absorber ce surplus d'élèves.

Car déjà à ce moment remarqua-t-on qu'un grand nombre de jeunes, presque la moitié des effectifs des septièmes, n'arrivaient pas à la classe de première.

Ils s'étaient arrêtés quelque part en route et ils étaient sortis du système scolaire sans diplômes ni préparation pratique pour la vie active.

Le but et l'esprit de la loi furent donc de combler ce vide tragique entre les écoles professionnelles et les lycées par un type d'enseignement général, mais assez court, une école dont le nom futur de „moyenne" préfigurait déjà sa destinée.

Le premier problème d'ordre général fut de situer cette nouvelle école par rapport aux autres déjà

existantes : serait-elle un enseignement primaire allongé ou un enseignement secondaire allégé ?

Le projet du gouvernement initial allait plutôt dans le sens de la première option, une réforme timide de l'EPS.

Il prévoyait un enseignement moyen de 4 années dans le cadre des écoles primaires avec un instituteur pour chaque année.

La professionnalisation de cet enseignement devait être assurée par le fait que les élèves issus de cette école étaient admis aux carrières inférieure et moyenne de la Fonction publique.

A la Chambre, tout comme au Conseil d'État, ce projet était critiqué. Quelques députés, surtout socialistes, auraient préféré voir intégrer l'enseignement moyen dans le cadre des lycées, assurer les cours par les professeurs du secondaire.

Cela aurait dû être une première ébauche d'un tronc commun à venir.

Au cours de la deuxième lecture du projet, quelque 16 mois plus tard, en juin/juillet 1965, un changement d'optique intéressant se fit jour. Grâce aussi aux avis successifs du Conseil d'État, les idées qui avaient dominé les débats en 1964, telles que la professionnalisation de l'école moyenne (Carrière moyenne et inférieure), la référence toujours présente à l'EPS, passent à l'arrière-plan.

Bien au contraire tous les députés insistent sur la nécessité d'une école indépendante des autres, pédagogiquement libre, prodiguant un enseignement général et spécifique, avec ses diplômes propres et ses propres débouchés.

Il n'est donc pas étonnant que la loi No 920 sur l'enseignement moyen fut adoptée par une large majorité (50 voix contre 5), le 9 juillet 1965.

Outre les préoccupations d'ordre pédagogique, une autre idée fit son apparition aux cours des débats.

La volonté de démocratisation devait logiquement être accompagnée par une régionalisation du nouveau type d'école.

L'article 27 de la loi prévoyait une répartition des charges entre les communes et l'État et le ministre de l'Éducation Nationale, M. Grégoire, déclara attendre les candidatures des communes intéressées.

Aussi les députés de la circonscription Nord avaient-ils introduit une demande en faveur de Wiltz.

Cependant la région du Bassin de la Chiers ne fut pas en reste. Dès le 6 février 1964, la commune de Pétange posa officiellement sa candidature au Gouvernement.

Cette initiative fut couronnée de succès et le 27 mai 1966 parut au Mémorial un règlement grand-ducal portant création d'un collège d'enseignement moyen à Pétange.

Après quelques années difficiles dans un vieux bâtiment exigu, la commune acquit un terrain au lieu dit *„in Egent"* de 1 ha 94 a pour la somme de 3.104.000.- francs, terrain sur lequel devait être construit par l'État un bâtiment approprié pour la population scolaire croissante.

La véritable histoire de l'enseignement moyen à Pétange commença cependant le 15 septembre 1966 avec 129 élèves et 12 enseignants.



**JEAN-FRANÇOIS HAAS**
(† 9 février 2016)
Brochure du 25e anniversaire du LTMA (1992)



LE LTMA (pavillon et 2 ailes) au début des années 1970

# Inauguration du CEMP le 14 février 1970



**Einweihung der Petinger Mittelschule**
Im Beisein von Minister Jean Dupong, Minister J. P. Büchler und Regierungsrat Michel Schmit sowie zahlreicher Ehrengäste fand am Samstagvormittag die Einweihung des ersten Flügels der neuen Mittelschule der Gemeinde Petingen statt. Nach dem Ministerialbeschluß vom 27. 5. 1966, der eine Mittelschule für Petingen genehmigte, wurden die ersten 129 Schüler und Schülerinnen im ehemaligen Gendarmeriegebäude untergebracht. Die Zahl der Schüler wuchs von 223 im folgenden Jahr auf 296 und 340 für dieses Schuljahr. Das Lehrerkorps umfaßt einen diensttuenden Direktor, 2 Mittelschulprofessoren, 3 Aspiranten für das Mittelschulprofessorat, 10 Sekundarprofessoren und 19 mit Kursen Beauftragte.

(*Revue* du 21 février 1970)



Inauguration en présence du Ministre de l'Éducation Nationale Monsieur Jean Dupong.
Le 27 juin 1970 Monsieur Cornel Meder est nommé directeur du Collège d'Enseignement Moyen de Pétange
(Brochure du 25e anniversaire du LTMA)

# Le LTMA sur Facebook (1)

## LTMA-Schüler am Europaparlament zu Stroossbuerg

LTMA
15 Std. ·

27.3.2019

*„Merci villmools un den LTMA fir e super Echange an déi flott Visitt haut am Europaparlament zu Stroossbuerg.“*
(Charles Goerens)

D'2GSN1, d'2GCCF1 an d'2GCGF1 hunn den 27. März 2019 d'Europaparlament zu Strosbuerg besicht an den Här Goerens huet sech laang Zäit geholl fir op d'Froen vun de Schüler ze äntwerten.




https://www.facebook.com/charles.goerens/photos/pcb.2394438347241375/2394435977241612/?type=3&theater



# Le LTMA au *Relais pour la Vie*

LTMA
29 Min ·

2.4.2019

Depuis 9 ans, le LTMA participe avec 2 équipes au Relais pour la Vie.
Cette année encore, enseignants et élèves se sont relayés pendant 25 heures pour témoigner leur solidarité envers les personnes atteintes de cancer.
Si cette cause vous touche vous aussi, engagez-vous à nos côtés et ensemble récoltons des fonds pour soutenir la Fondation Cancer et par là, la prévention et la recherche.

Merci de tout cœur.

https://monespace.relaispourlavie.lu/trophees/80
https://monespace.relaispourlavie.lu/trophees/254





Lâcher de ballons dans la cour du LTMA en 2012

# Le LTMA sur Facebook (3)

## Remise d’un chèque au profit de la Fondation « PRO FAMILIA »

LTMA
1 Std.

4.4.2019

Les élèves du groupe « MILLENNIALS CHARITY » de la classe 1TPCM(F)2 ont reçu le 4 avril 2019, la Directrice de la Fondation « PRO FAMILIA », Madame Sonja BIDAINE afin de lui remettre un chèque d’une valeur de 572,24 euros.
Cette somme a été récoltée dans le cadre du cours de Gestion de Projets.



https://www.ltma.lu/2019/04/05/remisededonprofamilia/?fbclid=IwAR24z5U-3HaYp5ITAXdfzUK9TO0_Mw-sKnyi9BAK9Muzjmz2_-jt7t_Gkes

# LTMA bei der *Regatta.lu 2019*

LTMA
9 Std. · 10.4.2019

Vum 7. bis den 13. Abrël hun Schüler vun der 2GCC(F) an der 2GCG(F) aus dem LTMA un der *Regatta.lu 2019* zu La Trinité-sur-Mer an der Bretagne deelgeholl.
Nodems si déi éischt 2 Deeg fläisseg trainéiert hunn, hu se sech mat 29 aaneren Équipagen moossen mussen.




https://www.facebook.com/Ltma.lux/photos/pcb.1934457630015464/1934456000015627/?type=3&theater










**Vous pouvez consulter l'offre scolaire complète ici :**

**https://www.ltma.lu/a-propos/offre-scolaire/**



**11C 1991-1992**

*Am Sëtzen:*
Baum Raymond, Maria Agostino, Sandra Martinho

*Am Stoen:*
Mario Lage Fernandes, Yves Vigato, Gaby Buchel, Carlo Peixoto, (virun him :) Fernanda Do Vale, Nadia Racké, Tanja Hippertchen, Cristina Costa, Martine Bleser, Marie-Angèle Tarafino



*Am Sëtzen (vu lenks) :*
Maria Agostino, Lucia Sansalone, Sandra Martinho

*Am Stoen :*
Nadia Racké, Fernanda Do Vale



*Am Sëtzen (vu lenks):*
Nadia Racké, Adilia, Sandra Martinho, ???

*Am Stoen:*
Cristina Costa, Pascale Steinfort, Lucia Sansalone, Maria Agostino, Fernanda Do Vale, Martine Bleser, Laurent Welsch, Marie-Angèle Tarafino


# Schoulfest vun 12. Juli 1995

















HOME & FRIGO service
BOFFERDING


LYCEE TECHNIQU


FERDING


JVC
















HOME & FRIGO service




BOFFERDING


HOME & FRIGO service
BOFFERDING


HOME & FRIGO service
BOFFERDING
BOFFERDING



















ALL DËS FOTOEN, A VILL AANERER,

FANNT DER OCH OP ONSEM INTERNETSITE

https://aaltma.wildapricot.org/Nostalgie-New

**… AN DER NEXTER NUMMER EN 1. DEEL FOTOEN**

**VUM SCHÜLERALLYE VUM 12. JULI 1985**

# Étrangers au droit de vote



« Le Luxembourg aux vrais Luxembourgeois !» Voilà la réponse aperçue sur un réseau social d'un père de famille à une gamine qui partageait un contenu raciste. J'en suis restée bouche bée : un adulte qui encourage la mauvaise graine ! Que ce père de famille se rassure, tant que les étrangers n'obtiendront pas le droit de vote aux élections législatives, le Luxembourg restera aux Luxembourgeois, même si près de la moitié de la population (47,5 %, selon le dernier comptage) est d'origine étrangère. Les électeurs (de nationalité luxembourgeoise) se sont prononcés à 80 % contre ce droit de vote des étrangers lors d'un référendum organisé en 2015. Depuis, le sujet a été balayé.

Environ 250.000 personnes avaient à l'époque décidé pour près de 570.000 habitants. 613.894 aujourd'hui, dont plus ou moins 200.000 résidents étrangers en âge de voter. Le déficit démocratique se creuse.


La situation du Luxembourg est inédite : d'un côté, une poignée d'irréductibles Luxembourgeois qui craint d'être noyée dans une mer de cultures et de langues différentes, de l'autre, une citoyenneté bigarrée issue de tous les milieux sociaux. Au milieu de tout cela, des citoyens luxembourgeois ouverts et éclairés qui, jusqu'à présent, ont toujours fait barrage aux partis politiques et aux courants idéologiques extrêmement à droite cultivant des relents de nationalisme et de conservatisme aigus. La question du droit de vote des étrangers soulève la question de l'identité ou des identités luxembourgeoise(s). Faut-il «vouloir rester ce que l'on est» pour être luxembourgeois ? Être naturalisé ? Ou porter un nom à consonance locale et «schwätzen» est-il suffisant pour se fondre dans les 52,5 %? Tout dépend si l'on parle d'intégration réelle ou de chiffres.

La croissance de la population dépend, selon les statistiques, essentiellement de l'installation au Luxembourg de citoyens d'origine étrangère. Soit 24.644 nouveaux résidents en 2018. Les 6 950 naturalisations ne pèsent pas lourd dans la balance. Mais elles peuvent peser lourd dans les résultats électoraux. La naturalisation semble, pour l'instant, être le seul moyen de pouvoir voter et de clouer le bec aux propos nauséabonds de certains.

Une décision quant au droit de vote des étrangers devra toutefois être prise dans la perspective d'un État luxembourgeois dépassant largement le million d'habitants à l'horizon 2060. L'évolution de la démographie du Luxembourg tient essentiellement aux flux de migration (80 % de la croissance démographique) plus qu'à l'écart entre les naissances et les décès. Un flux migratoire lui-même influencé par les fluctuations économiques. Rien n'est écrit, tout peut encore basculer. Le Luxembourg est de plain-pied dans une nouvelle époque de sa longue histoire. À ses citoyens, Luxembourgeois et autres, d'écrire un «happy end». Il ne faudrait pas oublier que si le Grand-Duché se porte bien et peut se développer, c'est grâce, entre autres, aux efforts combinés des Luxembourgeois et des immigrés.

**SOPHIE KIEFFER ***
ÉDITORIAL
*LE QUOTIDIEN*, 4.4.2019

** ancienne élève du LTMA*





# Tolle Titel !!!!

## Les morts et la muette

(Lux. Wort, 6.4.2019, à propos des massacres au Rwanda et de la France)

## Am Kiosk geht die Post ab

(Lux. Wort, 6.4.2019, über das Schließen von vier weiteren Postfilialen)

## Wall Street : quand Lyft fait l'ascenseur

(Le Quotidien, 6.4.2019, à propos des débuts poussifs à Wall Street de *Lyft*, concurrent d'*Uber*)

## OTAN en emporte le vent

(Le Jeudi, 11.4.2019, à propos du 90e anniversaire de l'Alliance Atlantique)

## Qui vivra Varda

(Land, 12.4.2019, à propos de l'importance de l'œuvre d'Agnès Varda)

## Es kommt auf die Länge an

(Tageblatt, 18.4.2019, über gute Passwörter)

## Aufgebauscht

(Woxx, 19.11.2019, über die Süffisanz von Blau-Rot-Grün und CSV in der Affäre Bausch)

## Pas si Bidon que ça

(Le Quotidien, 24.4.2019, à propos d'un doublé de Julian Bidon, footballeur d'Etzella)





**« Drôles de titres », collectés depuis 2002**



# Alte Kunst mit moderner Popkultur (Teil 6)

Was haben Rembrandt van Rijn, Kim Kardashian und Frida Kahlo gemeinsam? Sie sind Teil des Instagram-Accounts des Künstlers Hayati'nin Evreni. Unter *hayatininevreni* postet der auf Zypern lebende Künstler kleine lustige Collagen, in denen er alte weltberühmte Kunstwerke mit dem 2018er Lifestyle und moderner Popkultur verbindet.
























https://www.instagram.com/hayatininevreni/?utm_source=ig_embed



# Montages qui choquent (Partie 6)

Sur son compte Instagram, le Turc Uğur alias Ugurgallen dévoile des montages photos chocs qui font réfléchir sur les contrastes révoltants de notre monde. Difficile de pas voir la vérité en face.


















https://www.facebook.com/ugurgallen/photos/a.1671201496465115/2167654670153126/?type=3&theater



# Pub ... pour Max Schmitz

## „Eine unbekannte Urkunde König Johanns des Blinden“




De Max Schmitz as Geschichtsprof am LTMA an huet elo jhust en Artikel an der *Hémecht- Revue d'Histoire Luxembourgeoise* iwert *"Eine unbekannte Urkunde König Johanns des Blinden (1333)"* veröffentlecht.

Hei den Abstract zum Artikel an englescher Sprooch:

*The contribution aims to present an unknown charter, dated Lucca, 5th August 1333, by John, count of Luxembourg and king of Bohemia (1296-1346). The content of this hitherto unedited document had probably remained unknown over the past centuries and is analysed here for the first time along with an edition and two reproductions. The content is put into the context of John's and his son's largely unsuccessful Italian expedition that took place in 1332-1333. The document is important because it sheds more light on John's warfare and on the length of his stay in Lucca in the summer of 1333. The charter, held in a private collection, settles a compensation for the service and the loss of horses of (most probably) two knights, Syfrid (Siegfried) of Dienheim and Dietrich, called Esel (ass). The contributor not only tries to identify these two men, but also those cited at the back of the charter and provides some hints that could explain their obscure relationship.*

https://dial.uclouvain.be/pr/boreal/en/object/boreal%3A214729

Iwert honnert weider Artikelen an Beiträg vum Max Schmitz sin ënnert folgendem Link opgelëscht:

https://dial.uclouvain.be/pr/boreal/en/search/site?page=4&f%5B0%5D=sm_creator%3A%22Schmitz%2C%20Max%22



**SCHMITZ**
**Max**

**Hémecht 1-2019**
ISBN: 2240003695508
Pages : 128
20,00 €
© éditions Saint Paul
http://www.editions.lu/de/


IL EXISTE DES SUJETS DE SOCIÉTÉ QUI DIVISENT PROFONDÉMENT LES POPULATIONS... OH, ON LES CONNAÎT TOUS...
AH NON, JE NE SUIS PAS D'ACCORD !
LA GALETTE DES ROIS, PAR EXEMPLE.
POMME !
N'IMPORTE QUOI ! FRANGIPANE !
L'ÉPINEUX PROBLÈME DU BROSSAGE DE DENTS.
ON MOUILLE LA BROSSE AVANT DE METTRE LE DENTIFRICE...
MAIS NON ! APRÈS !
LE CHOIX DU TÉLÉPHONE.
POUR MON SMARTPHONE, C'EST LA MARQUE À LA POMME, UN POINT C'EST TOUT...
ANDROID !!! FAUT PAS ÊTRE UN MOUTON...
LES CLASHS DANS LES BOULANGERIES.
DES CHOCOLATINES !
MAIS T'ES DINGUE, MÊME PLATON APPELAIT ÇA UN PAIN AU CHOCOLAT !
ET JUSQUE CHEZ NENESSE.
AH, DÉLICIEUX, CE COLA LIGHT !
PEUH ! CELUI QUI EST BON, C'EST LE COLA ZERO !
HEUREUSEMENT, PARMI TOUTES CES DISCORDES INSOLUBLES...
...IL RESTE UN SUJET QUI MET QUASIMENT TOUT LE MONDE D'ACCORD !
MARINE + BASTOS
ZOZO
TOUJOURS EN VACANCES.
UNE BELLE BANDE DE GLANDEURS !
FAINÉANTS !
PARENTS EN COLÈRE
PLANQUÉS
FOUTENT RIEN !
FU-MIS-TES
FEIGNASSES DE PROFS !